



e Léiw als Mënsch oder e Mënsch als Léiw?



de Wollef a Maansgréisst a mat schroer Schnëss



ee vun de Schrëftsteng (ägyptesche Granit) am Verglach fir d'Héicht

Monument a Kultur-Wee

Rodange/Reenert Wolz

Hei an eiser KLACK hu mir iech „zejoert“ fir d'éischt vun deem monumentale Merci fir eisen Nationaldichter Michel RODANGE geschwat. Dir huet och hei déi éischt Biller gesinn, déi vun de Pläng, zu Schëffleng am Professor Adolphe Deville sengem Atelier, zesumme mat dem Georges Calteux geholl gufen.

Haut, an eiser 100. KLACK, hu mir d'Geleechenheet, iech déi alernteist Photoen – vun dëser Woch! – aus dem Skulpturatelier vum Spezialist Giovanni Fasoli vu Verona ze bidden. An e puer Woche sinn se hei!

Mir hunn iech näischt zevill versprach. De Michel Rodange, eis Sprooch an eis Literatur kréien dat

Monument, wat si – an d'Land – verdéngen!

Mat all deenen, déi beim Monument hëllefen an dacks méi ewéi eng Hand upaken, si mir houvreg, dës Stéck vun der Lëtzebuergescher Kultur-Identitéit mat eisem Grand-Duc an der Grande-Duchesse den 22. Juni anzeweien.

Natierlech leeft eis „Souscription“ fir d'Monument weider ... well et ass jo näischt méi sécher wéi d'Rechnungen, déi nach ze kommen hunn. Dofir hei nach eng Kéier d'Konten, iwwer déi dir kënnt matmaachen. Dofir fannt dir iech dann och an der Publication erëm, déi mir iwwer d'ganz Geschicht vum Monument Rodange am spëiden Hierscht eraus ginn.

***Actioun Lëtzebuergesch / „Rodange“**
CCPL LU38 1111 1973 1618 0000

***Fonds culturel national / „Rodange“**
(fir bei de Steieren ofzesetzen)
BCEE LU63 0019 1002 0100 3000



de Professer Deville, stäi Reenert an de Rodange



d'Schrëfte si fäerdeg agemeesselt



eng KLACK fir eis Sprooch 100

Wuer gees du, Lëtzebuergesch?

L.R. – **QUO VADIS?** Eng grëffeg (laténgesch) Fro als Iwwer-Titel fir eng ganz Rei vu Konferenzen a Gespréicher, déi de lëtzebuergesche „Veräin fir manner gebraucht Sproochen“ als Antenn vum EBLUL (European Bureau for Lesser Used Languages) zu Wëlwerwolz organiséiert hat. Wéi alles, wat fir eis Sprooch an iwwer d'Lëtzebuergesch geschitt, läit dat natierlech op deer Linn, déi d'Actioun-Lëtzebuergesch sech vru 34 Joer gezunn huet ... **mä déi Linn muss riicht bleiven, objektiv, éierlech!** D'Actioun-Lëtzebuergesch an hir Roll an all deene Joeren ass leider ower zu Wëlwerwolz „vergiess“ ginn. Si guf geschelt énnert den Dësch fale gelooss. Vu wíem? Firwat? Dat ass – elegant gesot – net an der Rei. Basta!

Hei en interessanten Beispill, fir ze weisen, wéi Saache verwässert, verdreint oder ignoréiert ginn: D'Gesetz vum 1984, mat deem eis Sprooch legal „Nationalsprooch“ gemaach ginn ass. Dat war elo, wéi et schéngt, e Gesetz vun der Madame Viviane Reding. Neen, net esou! Et war, 1982, e Bréif vun der AL un den Här Pierre Werner! Duerno krut dem Här Werner säi Kultur-Attaché, zoufälleg och President vun der AL, de Bescheid, fir eng Commissioun zesummen ze setzen, déi en „avant-projet de loi“ fir dëst Gesetz sollt ausschaffen. President: den Här Conseiller Raymond Weydert vum Service de Législation. Dee Projet ass ganz normal vun der Regierung un de Grand-Duc, un de Staatsrot an un d'Chamber weider gang. Hei guf dann och, nom Règlement, fir dëst Gesetz e „Rapporteur“ genannt, dës Kéier d'Madame Reding. Hire Rapport huet praktesch aus deem bestan, wat de Kultur-Attaché hir am Kulturministère, op N° 19 an der Goethe-Strouss, op d'Blat diktiéiert huet. Dat ass d'Wouerecht iwwer eist Sprooch-Gesetz! Mir hunn d'Copie vun alle Bréiwen, Dokumenter a Rapporten. Den Här Professor Gilbert Trausch huet se och. Wa mir scho beim

Latäin sinn, dann hei nach esou e kleng Sproch: **SUUM QUI-QUE!** ... jidderengem säint ... Och der Actioun-Lëtzebuergesch!

Beim Projet *Quo vadis!* guf zu Wëlwerwolz am „Sproochenhaus“ an och soss e sëlliche vu Literatur geschwat, an der Rei. Et ass mat Statistiken a stëbsdréchenen Analysen doruechter gewéitscht ginn, net oninteressant. Esouguer eise Staatsminister huet „mikro-frësch“ a Gespréicher mat agegraff, flott ... ower et ass kengem agefall, fir sech emol ze froen, wéini a wéi dann dat Ëmfeld fir d'Situatioun vum Lëtzebuergesche vun haut entstan ass ... vun deer „an der Zäit“ emol kee gedreemt huet! Fir dat Ëmfeld huet eis Actioun-Lëtzebuergesch op Dosende Gebitter gesuergt an encouragéiert. Si guf dacks hannerwänneg dofir op den Aarm geholl, oder mat alle méiglechen Nimm beklackt. Psychoterror pur!

Mir hunn an eiser Sprooch vrun allem eppes Lieweges gesinn, dat am Vollek a „bei de Leit“ otemt, also si mir „ënnert d'Leit“ gaang. **Nach ni eppes vu Soziopedagogik héieren, Dir Herrschaften, aplaz nëmme vun äiskaler Soziolinguistik?** Deemno och net nëmme vu Literatur, souguer wa mir fir all déi grouss Schreif-Leeschtunge vun Auteure frou sinn, an all déi respektéieren, déi an de leschten 33 Joer matgemaach hunn, fir dem Lëtzebuergeschen zu engem „*dialecte qui a réussi*“ ze verhélfen (eng wonnbarer Definition vum der d'Madame Minister Hennicot). Schued, datt eisen „**Hei Elei! keen Iddi a keng Zäit fir esou „Sträitgespréicher“ wéi zu Wëlwerwolz ze hu schéngt.** Da krit „d'Vollek“ och eppes mat, aplaz nëmme e kleng Krees. An da kënnt een – firwat net och nach op Latäin – vläicht emol déi hei Fro stellen: **Ubi eras, Lëtzebuergesch? – wou wars du – 1970 – Lëtzebuergesch?** Mir hätte maandelweis Äntwerte fir op all Dësch. Ronn oder eckeg!

ACTION LÉTZEBUERGESH – EIS SPROUCH

53a Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare
Tél.: 470 612 – Fax: 222 490
e-mail: friedjan@pt.lu + faberre@pt.lu + lexroth@pt.lu
Cotisation/Member: 13 € – CCPL-IBAN LU75 1111 0066 4448 0000



KLACK N°. 100

AL- Dat heescht: bei **10 mol d'Joer**, och zéng Joer laang „eng KLACK“ fir eis Sprooch“. Schei propper opgemaach krite mir heim, am Format ca. DIN A5, e Buch vu ronn 1 000 Säiten!

Verständegerweis war deemools – am Ufank vun den 90er Joeren – och vu ville geduecht ginn, déi KLACK gif eng Bäkesch-Dose mol pénken, an da wier „de Rimm erof“. **Mä d'Tockskäppgeket huet och hir gutt Säiten.** Mir hunn duergelhal a maache weider.

D'Actioun-Lëtzebuergesch huet bis bei d'KLACK zimlech regelméisseg fir hir Membren eng Zäitschrëft eraus ginn: EIS SPROUCH. Dat war keng iwuel Saach; et sinn der och nawell frou gewiescht, fir déi geschéckt ze kréien... mä mir hunn erausfonnt, datt

knapps 10 % dovun dat Heft och wierklech gelies hunn. Dat ass ower net den Zweck, dee mir mat eiser Actioun fir d'Lëtzebuergesch wollten errechen. Fir esou eppes just als Sammler an de Bicherschatz ze stiechen, ass et ze schued... a schrecklech deier!

Et gong a geet drëm, datt esou vill Leit ewéi méiglech eppes iwwer a fir eis Sprooch matkréien. Et ass och nëmme den Zweck, deen eis Membren a Frënn stäipen; ouni si an déi Mentalitéit wier d'KLACK net méiglech oder net méi do. D'Fro war zimlech dätlich: Si mir e Veräin fir just eng Zäitschrëft eraus ze ginn, oder ass d'Suerg an d'Aarbecht fir eis Sprooch – apaart fir hirt Ëmfeld – eng Saach, déi op ganz breeder Basis muss bekannt gemaach ginn?

Haut wësse mir, datt mir Recht hatten: **Déi an de leschten 10 Joer a ronn 10 000 000 Exemplare gedréckt KLACK ass bekannt „ewéi den Donkelzer Wollef!“** Meechens laut se roueg a gemitterlech. Dacks gëtt ower och méi ruppeg um Seel gerappt. Heiansdo gëtt alt emol e Stengchen an eng Fëster gehält; et ginn alt Schierbelen; mä wou gehuwwelt gëtt, do fale Spéin. Op jidder Reaktioun, positiv oder granzeg, freeë mir äis.

Dës Nummer 100 vun der KLACK ass dann och eng gelleg Geleechenheet, fir de Chef-Redaktiounen an de Frënn aus der Technik vum WORT a vum JOURNAL fir hir Hëllef merci ze soen. Ouni hir Sympathie a Mataarbecht géngt dir eist Gebimmels dacks net héieren. Mir hoffen, datt mir si nach laang kollegial „hënnenen“ därefen.

Eis Uertschaftsnimm

R.Z. – En Deputéierten hätt an enger Fro un d'Kulturministesch gär gewosst, **wien eigentlech zustänneg wier, fir d'Uertschaftsnimm hei am Land op Lëtzebuergesch ze schreien.** Hien huet dobai och e puer Beispiller fir déi Kompetenz genannt: d'Gemengen, d'Stroossebauverwaltung, den „Intérieur“, de Staatsrot oder de „Conseil permanent de la langue luxembourgeoise“. Da wollt hien och wëssen, wien a leschter Instanz d'äerft decidéieren, wann d'Uertschaftsnimm net ëmmer d'selwecht geschriwwen ginn: Baastenduerf/Baastendref; Wuermer/Wormer; Veianen/Veinen; Kënzeg/Kéinzig asw.

D'Madame Minister sot an hirer Äntwert, de „Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise“ hätt 1999 an 2000 eng Léischt mat de lëtzebuergeschen Uertschaftsnimm an deer vereinfachter Schreifweis opgestallt. Déi wier 2001 un all Burgermeeschteren am Land geschéckt ginn, fir hir Meinung dorwéi ze froen. D'Madame Minister mengt awer och, datt eng Partie Nimm am Laf vun der Zäit geännert hunn, an datt si net onbedéngt der Entwécklung vun der Orthographie

follegen; datt wier jo och de Fall fir eis Sprooch selwer, déi den Iwwergang vun der geschwatenen zu deer geschriwwenen Sprooch nach guer net esou laang gemaach hätt.

Munnech Schreifweise vun den Uertschaftsnimm sinn am Laf vun deene puer leschte Joere vun de Gemengen decidéiert ginn. Si hunn hir Decisioun ower net ëmmer op Grund vun deer offizieller Orthographie geholl, mä dacks aus der Gewunnecht eraus, oder aus de Varianten, déi sech lokal a regional entwéckelt hunn; dat och nach aus histoireschen Dokumenter, wann net esouguer aus Gefiller eraus, déi nach op de leschte Krich zréckginn. Deen een oder aneren Numm ass der Uertschaft deemools vum Okkupant opgezongwe ginn; en ass haut der Schreifweis no nach richtig, mä ernënnert d'Awunner un eng batter Zäit.

Zum Schluss vun hirer Äntwert betount d'Madame Minister, dass et wichteg wier, déi lokal Variant vun eisen Uertschaftsnimm net ze vergiessen. Datt den Erfolleg vun deer Ëmform aus dem Joer 2001 bei de Gemenge grouss war, beweist si doeruech, datt de Kulturministère och haut nach dacks iwwert déi richtig

Schreifweis vum Numm gefrot gëtt, wann z. B. nei Verkëiersschëlter solle gemaach ginn.

Zënter Joer an Dag suert eis Actioun-Lëtzebuergesch iwwegens fir d'Schreiw vum eisen Uertschaftsnimm am **Telephonsbuch...** no deem si ewell an de 70er Joere beim Här Postdirekter Joer Heinen gebiedelt a gegëmmert huet, fir iwwerhaupt e Spoun Lëtzebuergesch an eist „bescht Adressbuch“ ze kréien. Och der Direktioun vun haut an der EDITUS si mir e Merci an deem Sënn schëlleg.

P. S.: **Et gif een net soen, datt mir ewell vürum Krich am Kader vum „Institut grand-ducal“ eng „Section de toponymie“ haten.** Dat ass e **Gremium**, deen sech sengem Numm no em „Plazen-Nimm“ ze bekiekern huet/hätt. D'Actioun-Lëtzebuergesch huet dofir gesuergt, an dat mat enger ganz kollegialer Kadasterverwaltung an der Stäip vum Här Minister Frieden, datt endlich emol déi **däitsch-verdrudelt Flournimm aus eise „Grondbuch“ richteg gebéit** si ginn ... eng Benediktineraarbecht (Eierendirekter Schonckert + L.R.) vu méi ewéi 2 Joer!

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, René Faber, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Henri Marbes, Lex Roth, Roby Zenner, Marvine V. a Pol Wilmes

Nächst Klack (101): 29. Mee 2004

Merci, Jean Jaans

P.W. – Als excellenten a respektéierten Schoulmann hat de Professor Jean Jaans eng besonnesch Spezialitéit: Instruction civique! Och nach „Bürgerkunde“ genannt. Op Lëtzebuergesch: Vläch, „Bürger-Léier“... mir hu jo och den Ausdruck „Kanner-Léier“ fir de Reliounsunterricht. **Dem Här Jaans säi Schoulbuch ass fir Dosende vu Schoul-Joergang a Kollegen eng Fach-Referenz** gewiescht. Och esouguer baussent de Klasse-Säll, wann een d'Nues als bluddege Laie méi déif wollt an d'Fonctioneiere vum Staat strecken, wéi egal wou a watfir verzaapten „Humpegespréicher“ nozelauschteren oder zumbeschten ze ginn.

Zënter Joer an Dag liest ee mat Genoss dem **Jean Jaans seng seriös „vulgariséiert“, dacks schmunzeleg Explikatiounen a Commentairen iwwer dat, wat an der Chamber um Leescht ass** oder drop kënnt: d'meescht dréchent an sprock Gedéngels! Just bei dësen Articlele freeë mir äis och all Kéier iwwer déi flott lëtzebuergesch Iwwerschrëften oder Tëschen-Zeilen. Dat kann een zwar net „soziolinguistesch“ oder statistesch moossen, ower et hëlleft – psychologesch ganz elegant – bei der Liesgewunnecht fir d'Lëtzebuergesch.

Ville Leit kann een och dem **„jj“ seng, dacks am direkte Sënn**

„genëseg“ Bälluechten am „Samschdes-Panorama“ vum WORT un d'Häerz leeën. Oder besser: bei hire gesonde Mënscheverstand. De leschte Samschdeg (17.04) ass et eng Schreif iwwer den neien Artikel 114. vun eiser Constitution gewiescht. Hei huet jidderene (dee wëllt!) verstan, datt d'Ännere vun engem Artikel aus eise Grondgesetz zënter 2003 méi flexibel/gewieweg ginn ass. Soss ass déi Prozedur ee virkomm wéi am bekannte Witz iwwer d'Allmächtgeket: Kann deen Allmächtigen och eng Mauer bauen, iwwer déi hie selwer net kënnt?

No den neien, ower ganz strikte Bestëmmungen, léist d'Chamber sech net méi automatesch op, wann si eppes un der Constitution changeiert. Wat dat mat eiser Sprooch ze dinn huet? Mä dir wësst, datt mir Joere laang amgang sinn, fir eis Sprooch och an eis Verfassung ze kréien. An eise Gespréicher mat den Hauptparteien ass e kloert JO gewiescht...mä d'Zäit ass de Politiker vrun der Stëmmerei vum 13. Juni fortgelaf. Mat dem neien Artikel 114. ass dat keen apaarte Misär méi: D'Chamber kann elo, mat deene strengste Majoritéiten an Zäitbremsen, och "eise" Sprooch-Artikel 29. änneren, ouni sech selwer opzeléien. Deene Majoritéiten hirer si mir jo sécher. Also... bis dann.

onkamoud Froe fir Leit mat schlechtem Verhalt ...
Wou stong eis Sprooch, iert d'Actioun Lëtzebuergesch 1971 ugefaang huet, ze schaffen?

Zum Beispill:

- | | |
|-------------------------------|---------------------------------|
| - an der Schoul | - am Gesetz |
| - an der Kierch | - op Plakaten |
| - an de Lieserbréiwen | - an offizielle Proklamatiounen |
| - an der Schreifweis | - bei de Veräiner |
| - op den Uertschaftsschëlter | - am Chamberblietchen 11 |
| - an de Familien-Annoncen | - op Geschäftsreklammen |
| - op engem Remerciement | - a Schreif-Coursen |
| - op de Feierdaags-Menüen | - an Aarbechtsplaz- Annoncen |
| - op eise Stroosseschëlter | - op Geldschäiner / Mënzen |
| - als Sprooch-Cours | - an de Gemengen |
| - an der Privat-Korrespondenz | - am Kadaster asw. asw.asw... |

a wou waren all déi, déi dat haut alles wëllen énnert den Dësch kieren?